PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Am medezinesche Beräich sinn Dokteren op d'Hëllef vun technesche Geräter ugewisen. Dozou zielen och Ultraschallgeräter, mat deenen zuelräich Diagnose kenne gestallt ginn. Dofir ass et vu gréisster Wichtegkeet, dass des och um medezinesch neiste Stand sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch fir all Spidol opziele wéi vill Ultraschallgeräter déi verschidde Servicer/Dokteren hunn?
2. Kann d'Ministesch no Spidol an no Service opziele säit wéini genau dës Geräter a Gebrauch si bezéiungsweis wéini se kaaft gi sinn?
3. Ginn et fir dës Zort vun technesche Geräter fest Fristen, no deenen si mussen ausgetosch ginn, fir e beschtméiglechen Diagnostik ze garantéieren? Wa jo, wéi eng wieren dat?
4. Ginn et technesch Krittären no deenen dës medezinesch Geräter ersat ginn och wann d'Frist nach net ofgelaf ass? Wéi eng Roll spillt dobäi den technologesche Fortschrëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député